N°1983
Entrée le 26.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

No engem Artikel vun der Auto-Bild vum 4ten Oktober 2024, deen sech op Donnéeën aus den USA stëtzt, géifen Elektroautoe vill manner geklaut ginn ewéi aner Autoen. D'Grënn dofir wiere villschichteg. Nieft den Technologien, déi der Iwwerwaachung vum Gefier déngen oder den digitale Schlësselen um Smartphone, spillt et wuel och eng Roll, dass dës Gefierer oft fir d'Lueden a Garagen ofgestallt sinn. Et ass natierlech och esou, dass aktuell manner E-Autoen op de Stroossen ënnerwee sinn, wéi Verbrenner.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Tendenz, dass manner E-Autoe geklaut ginn, och zu Lëtzebuerg erkennbar?
2. Wéi vill Autoe sinn hei am Land immatrikuléiert gewiescht (Gesamtzuel), opgelëscht op d'Joren 2018 bis 2024 a wéi vill dovunner ware reng Elektroautoen?
3. Wéi vill Autoen sinn tëschent 2018 an 2024 geklaut ginn, opgeschlësselt pro Joer, a wéi vill E-Autoe waren hei drënner?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten